Assembée Générale Ordinaire Bonnievale-Projects asbl – ONGD 26.04.2017

Hëllef fir Slum Kanner: Identitéit – Iessen – Educatioun – Hygiène – Sécherheet – Encadrement.

D'Vereenegung Bonnievale-Projects asbl schafft a Südafrika, zesumme mat hirem südafrikanesche Partner, Bonnie People Projects.De Comité an d'Memberen hei zu Lëtzebuerg an a Südafrika sinn alleguer Bénévoles.
Eist Zil ass d'Verbesserung vun de Liewenskonditiounen vun de Kanner a Jonken, déi am Slum vu Bonnievale, dem 'Plakkerskamp', wunnen.
Fir dëst ze erreechen, musse mir den Honger an de Manktem un Educatioun bekämpfen.
Ausserdeem erméigleche mir de Kanner Accès op eng Identitéit, wat hinnen et erlaabt, eng ëffentlech Schoul ze besichen.
Duerch Educatioun, Sécherheet, Hygiène an Encadrement sinn déi Jonk aus dem Plakkerskamp an engem gudden Environnement, wou si Saache léieren an entwéckele kënnen fir hiert Liewen ze verbesseren.Aktuell bidde mir ca 75 Kanner tëscht 1 ½ a 5 Joer eng Crèche mat Service Précoce (Early Childhood Development). Nomëttes kommen Kanner a Jugendlech vun 6 bis 18 Joer an d'Maison Relais (After School Care) a gi betreit bei Hausaufgaben, Sport, Konscht, Fräizäitaktivitéiten, Bio-Gaardebau a Workshops. An eiser Kichen ginn all Dag eng 185 Molzéchten zoubereed, well mam eidle Mo schafft et sech net gutt!3 nei Schoulsäll bidden de Kanner optimal Reimlechkeeten fir ze spillen an ze léieren.
Am ale Schoulgebai ass e grousst Openthaltszëmmer ageriicht ginn. Hei ginn Workshops fir Jugendlecher offréiert, an am Wanter déngt en als Refectoire. Jonk Fraen a Mammen aus dem Siyasebenza Ladies' Club treffen sech fir ze heekelen, ze bitzen an sech iwwert Kannererzéiung, Hygien asw auszetauschen.Fir datt de Projet gutt funktionnéiert, hu mir 15 Leit engagéiert: Directrice, Responsabel Crèche a Précoce, Responsabel Maison Relais, Administrative Assistentin, Léierinnen/Erzéierinnen, Chauffeur, Kächin, Gäertner, Femme de charge. Dat Ganzt gëtt vu Bonnievale-Projects asbl finanzéiert, a vum Ministère des Affaires Etrangères – Coopération et action humanitaire, kofinanzéiert.No Joren vun enger flotter Collaboratioun mam Stater Kolléisch **hu mir zanter dem 1. Januar 2017 de Statut vun enger ONGD**.
An enger ausseruerdentlecher Generalversammlung hu mir viru kuerzem de Numm op „Bonnievale-Projects asbl" geännert, an domat den Aktivitéitsradius mi grouss gemaach. Mir sinn och Member am Cercle des ONG, an hunn den Agreement als "ONG d'Envoi" vum SNJ fir bis zu 4 Volontairen pro Joer op eise Projet ze schécken, fir eng Dauer vun minimum 6 Méint bis maximum 1 Joer.De Projet fir Zukunft, ab Mee 2018, ass wuel nach net fäerdeg. Et schielt sech awer schonn eraus, datt mir weider déi aarm Kanner aus dem Slum „Plakkerskamp" ënnerstëtzen, an am Slum sëlwer no bessere Méiglechkeeten fir Sanitär an Hygien kucken.
Mir bauen an eisem Center e klengt Gebai mat der néideger Infrastruktur fir schoulesch Nohëllef ze ginn, Internet Zougang a Computer Ausbildung fir beruflech a schoulech Zwecker, a fir besser Workshops am Handwierk ze bidden, fir esou méi Chancen ze hunn op eng Aarbecht.
De Sportsterrain muss verbessert ginn. Eng zousätzlech Educatrice fir Sport soll agestallt ginn.
Mir wëllen de "Merite Jeunesse" (President's Award) aféieren, eng wichteg Erfahrung fir d'Selbstvertrauen vun eiser Jugend.
Farmer ronderëm Bonnievale sinn u Schoulcentren fir d'Kanner vun de Farmaarbechter an Zesummenaarbecht mat eisem Center intresséiert.
A mir dreeme vun engem Jugendhaus an der Uertschaft Bonnievale, wou vill spezifesch Problemer vun der Jugend kënnen ënner kompetenter Leedung behandelt ginn.

Eis Newsletter a vill weider Informatiounen fannt dir op: www.bonnievale.org oder per E-mail un: info.bonnievale@gmail.com

Finanziell ënnerstëtze kënnt dir eis iwwer: CCPLULL: LU33 1111 2139 5469 0000